N° 7914
Entrée le 26.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7914 vum 21. Abrëll 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

*Ass de Schantjen op dësem Streckendeel fäerdeg? Falls jo, zënter wéini a firwat stinn an deem Fall nach ëmmer d'Pottoen an déi giel Stroossemarkéierung? Falls nee, wéini ass e fäerdeg?*

D'Aarbechten, déi op dësem Streckendeel duerchgefouert goufen, sinn ofgeschloss.

D'Entreprise huet Freides, den 21. Abrëll a Samschdes, den 22. Abrëll d'Signalisatioun zum gréissten Deel ewech geholl, sou datt de Verkéier erëm esou wéi virdru ka lafen.

*Handelt et sech ëm de selwechte Schantjen vum Waasserbaseng, deen de Minister a senger Äntwert vu virun 3 Joren erwäänt hat?*

Nee, an dësem Fall huet et sech ëm Aarbechte vum Netzbedreiwer (CREOS) gehandelt.

*Ass d'Verwaltung nach ëmmer der Meenung, dass de Schantje gutt siichtbar fir d'Automobilisten ass? Hätt ee wierklech näischt kënnen besser maachen?*

Vir den Impakt vun den Aarbechten op de Verkéier ze reduzéieren, gouf nëmmen eng Verengung vun der Fuerbunn virgeholl, sou datt d'Unzuel vun de Fuersträifen net huet misse reduzéiert ginn.

Allgemeng ass awer ze betounen, datt d'Signalisatioun vum Chantier laut dem Artikel 102 vum Code de la Route an der Verantwortung vum deemjéinege leit, deen de Chantier kreéiert:

*"« 1. La signalisation d'un chantier incombe à celui qui crée le chantier. Toutefois, les signaux qui ont un effet d'interdiction, de restriction ou d'obligation doivent être mis en place par l'autorité compétente ou sous sa surveillance. Si celui qui crée un chantier reste en défaut de mettre la signalisation en place conformément aux prescriptions, il y est suppléé aux frais du défaillant. »"*

Lëtzebuerg, den 26. Juni 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch